N°4468
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Zënter dem 16. September 2024 mécht d'Bundesrepublik Däitschland Kontrollen un hire Bannegrenzen. Dës Kontrolle goufe mëttlerweil e puermol verlängert a bleiwe momentan op d'mannst bis de 15. September 2026 a Kraaft. Wärend d'Auswierkunge vun dëse Kontrollen op de Stroosseverkéier — besonnesch op der Achs Richtung Tréier an an der Géigend vu Schengen — schonn ausféierlech dokumentéiert goufen, sinn hir Effekter op de grenziwwerschreidende Busverkéier, an éischter Linn op d'CFL-Express-Linn tëscht der Stad Lëtzebuerg a Saarbrécken, vill manner kloer. Bierger a Grenzgänger hu mech op hir Suergen iwwer méiglech Stéierunge vum reguläre Service an dem Beruffsverkéier op dëser Verbindung opmierksam gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Verfüügt d'Madamm Ministesch iwwer Informatiounen, déi beleeën, datt déi däitsch Grenzkontrollen zu Verspéidungen, Ausfäll oder anere Stéierunge vum CFL-Express-Busverkéier op der Verbindung Lëtzebuerg–Saarbrécken féieren? Wann jo, wéi grouss ass d'Ausmooss vun dëse Stéierungen (Frequenz, duerchschnëttlech Dauer vun de Verspéidungen, Unzuel vun de betraffene Coursen)?

2. Ginn d'Busser op dëser Verbindung un der Grenz oder am Grenzgebitt kontrolléiert, a wa jo, féieren dës Kontrollen zu verlängerte Stoppen oder Verrécklunge vun den Horairen?

3. Hunn d'CFL oder de Ministère d'Horairen oder d'Exploitatioun vun dëser oder anere grenziwwerschreidende Verbindungen un dës Kontrollen upasse missen?

4. Huet de Ministère d'wirtschaftlech Auswierkunge vun dëse méigleche Stéierungen op de

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Beruffsverkéier an op d'Attraktivitéit vum ëffentlechen Transport als Alternativ zum Auto fir déi betraffe Grenzgänger evaluéiert?

5. Huet d'Madamm Ministesch d'Fro vun den Auswierkungen op de grenziwwerschreidenden ëffentlechen Transport mat hiren zoustännegen däitschen Homologen ugeschwat, oder huet se vir, dat ze maachen, besonnesch am Kader vun der Zesummenaarbecht an der Groussregioun?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten